



Äntwert vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5868 vum 4. Mäerz 2022 vum honorabelen Députéierten Marc GOERGEN

Ad 1:

D'Digitalisatioun vun der Police gëtt op eng systematesch Manéier ugaangen fir der Sensibilitéit vun den Date vun der Police Rechnung ze droen an d'Interoperabilitéit vun de Systemer kënnen ze garantéieren. Baséierend op engem Inventar vun den eenzelne Systemer gouf d'Strategie ausgeschafft déi aktuell implementéiert gëtt. Folgend Frais d'Experts sinn am Kader Digitaliséierung gemach ginn :

- 2018: Keng Investissementer;
- 2019: 311.511 €, fir Etuden a Berodung fir d'Strategie an Digitalisatiounsprojeten ëmzesetzen;
- 2020: 1.503.540 €, fir Etuden, Ënnerstëtzung bei der Ëmsetzung vun der Strategie (Analysten an Assistance maîtrise ouvrage) a fir Prestatiounen, déi mat der Realisatioun vun de Léisungen zesammenhänken;
- 2021: 4.633.756 €, fir Etuden, Ënnerstëtzung bei der Ëmsetzung vun der Strategie (Analysten an Assistance maîtrise ouvrage) a fir Prestatiounen, déi mat der Realisatioun vun de Léisungen zesammenhänken.

Ad 2 an 3:

Stand haut, hunn 2.552 Beamte vun der Police e VPN-Accès a kënnen, ënner gewësse Konditiounen, op e Laptop, Tablett oder een anert mobilt Geréit zeréckgräifen, fir verschidde Prozeduren a Schrëftstécker ausserhalb vum Büro fäerdeg ze maachen. Allerdéngs ass d'Benotze vun de Systemer nach schwéierfällig, an de Projet "Outils mobiles" gouf lancéiert, fir an der Zukunft d'Benotze vu Systemer op mobillen Apparater méi benotzerfrëndlech ze gestalten. Déi aktuell Applikatiounen woren technesch net fir e mobillen Asaz virgesinn.

Ad 4:

Insgesamt sinn et 582 Laptops an 1.140 Smartphone mat enger spezieller Sécherheits-Schicht.

Ad 5:

De Stand vun dëse Projeten ass folgenden:

- POLIS: détailléiert Besoine ginn opgeholl, verschidde Variante vun der Léisung ginn évaluéiert. D'Virbereedung vum Marché huet ugefaangen;
- Portail central: de Marché ass gemaach ginn, d'Auswärtung vun den Offeren ass amgaangen;
- Outils mobiles: d'Virbereedung vum Marché huet ugefaangen;
- GED: d'Etude de faisabilitéit vun der GED am administrative Beräich ass ofgeschloss. De Projet befënnt sech an der Initialisatiounsphase.

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX